

Commune de Junglinster

Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement

Compte rendu de la réunion du 21.02.2024

Lieu de réunion : « Op Fréinen »
Début de la réunion : 19:00 H
Invités : LEFFIN Monique

Ordre du jour :

1. Compte Rendu vum 18.01.2024
2. Grouss Botz 2024
 - Preparatiounen fir den 23.03.2024
3. D'Iddie vum Klima-Bündnis Lëtzebuerg fir d'Gemeng Jonglënster
 - Energiekarawanne
 - Velobus (Sëcher um Velo)
4. De Projet "La Fresque du Climat"
5. Organisatioun vum Thema fir déi nächst Versammlungen
6. Divers

1. Rapport Réunioun

De Rapport vun der leschter Réunioun vum 18.01. ass ugeholl ginn.

2. Grouss Botz 2023

Den Datum vun der 'Grousser Botz 2024' ass Samschdes den 23. Mäerz 2024. Treffpunkt (Départ an Arrivée) ass beim Centre Culturel Am Duerf. Ab 09:30 Auer treffe mir ons a mir ginn dann d'Material un d'Leit eraus (Tuten a Pëtzen). Mir offrëieren ab 12.00 Auer och eng Klenggekeet fir ze lessen a Gedrénks. Mir hunn entscheet ze grillen a jidderengem eng Grillwurscht unzebidden. D'Bestellunge vun der Gemeng si gemaach. Fir op der Plaz bestelle mir 2 Zelter, e Grill, Gedrénks, Becheren an Zerwéiten. (Mireille

Bertipaglia) Bei der Epicerie Duarte sinn 150 Bréidercher bestallt. Et feele nach Grillzaangen a Moschtert wat deen Dag selwer muss matbruecht ginn.

Och e klengen Iwwerdag/Zelt fir iwwer de Grill. Wann een esou eent huet kann en sech gäre bei mir mellen.

Mir annoncieren dësen Event am MAG (Daniel Wampach): Facebook, Hoplr, Internet Site vun der Gemeng, Bréif un all Veräiner. Mam Joël Hüsslein huele mir Kontakt op, fir d'Material ze confirmieren.

D'Ekipp vun onser Kommissioun ass deen Dag present fir d'Organisatioun.

2- D'Iddie vum Klima-Bündnis Lëtzebuerg fir d'Gemeng Jonglënster

- Energiekarawanne

An enger Versammlung mat de Leit vum Klimabündnis ware 4 Leit aus der Kommissioun present. Klimabündnis huet ons 2 Iddieë presentéiert déi an anere Gemengen gutt ukomm sinn.

Bei der Energiecaravanne geet et drëms e Quartier aus onser Gemeng eraus ze sichen an d'Leit an deenen Haiser ze sensibiliséiere fir hir Haiser ze renovieren an doduerch d'Haiser energeetesch ze verbesseren.

Dëst leeft an e puer Etappen of.

- D'Awunner ginn ugeschriwwen
- Mir gi bei d'Leit Heem schellen fir si perséinlech unzeschwätzen
- Et gëtt eng Informatiounsversammlung ageruff an hirer Strooss/Quartier (evt. an engem Zelt)
- D'Leit kréien eng perséinlech Berodung doheem, déi vun de Klima Agence gemaach gëtt.

De Jean kontaktéiert den Här Paul Strauss deen zoustänneg ass vum Klimabündnis fir d'Planung an den Oflaf vun der Energiecaravanne.

De Jules huet de Quartier zu Gonnereng virgeschloe well vill Haiser do an den 80e Jore bebaut gi sinn. Des Stroossen sinn zeréck behale ginn.

Rue de la Gare
Rue d'Eschweiler
Cité Gringert
Rue de Wormeldange
Rue Astrid Lindgren
Um Kiem

D'Iddien sinn nach agefloss evt, d'Schottergäert mat eran ze huelen. Vlächicht kéint een och Date vun der Wärmekameraiwwerfléiung (Thermographie Kataster) vu virun e puer Joer vun deenen Haiser zousätzlech notzen. Et sollt een och dono e Froebou ausschaffe fir ze kucke wéi d'Resultat ass vun der Campagne.

- Velobus (Sëcher um Velo)

De Velobus oder Pedivelo kéint am Kader vun engem Pilotprojet lancéiert ginn.

Et ass festgehale ginn dem Schäfferot dëse Projet fir de Mount Juni ze proposéieren.

Mir sinn ons bewosst, dass dat net esou einfach kéint ginn, mee zu Jonglënster iwver N11 kéint een esou e Pedivelo a Begleedung vu Leit vum Klimabündnis fir e puer Woche fuere loossen. (Testphase)

4. De Projet “La Fresque du Climat”

Fir “La Fresque du Climat” ass proposéiert ginn, an éischer Stell esou Seancen fir d’Leit vun onser Kommissioun, dem Klimateam an Equiclic ofzehalen. Dat eemol owes amplaz enger Kommissioun. Dobäi geet et, animéiert a Gruppen zesummen ze schaffen, fir Erklärungen zum Klimawandel mat sengen Auswierkungen eraus ze fannen. Ziel ass et, doduerch op eng spilleresch a spannend Aart a Weis, Informatioun a Sensibilisatioun ze vermëttelen. Spéider kann ee weider esou Fresquen mat dem Gemengerot an dem Gemengepersonal organiséieren.

D’Melanie huet sech bereet erkläert dës Fresque du climat ze animéieren an mir froen elo beim Melanie no fir dat ze organiséieren.

5. Organisatioun vum Thema fir déi nächst Versammlungen.

An der nächster Versammlung schwätze mir iwver de SIAS. D’ Organisatioun vun den Theme fir d’Versammlung kucke mir di nächste Kéier.

6. Divers

Et koum e Virschlag fir d’Container fir de Gras- an Hëckeschnëtt bei d’Bauern op en Haff ze stelle fir méi Kontroll ze hunn. D’Iddie huele mir mat bei déi politesch Verantwortlech.



Eis nächst Réunioun ass den 21. Mäerz 2024 um 19.00 Auer.

Mat frëndleche Gréiss.

Degraux Christiane
Sekretär

Boden Jean
President